N° 4385
Reçue le 07.06.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

Luxembourg, le - 7 -06- 2021

**Objet : Question parlementaire urgente n°4385 du 31 mai 2021 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser au sujet de l'article "Pressefreiheit für Anfänger" de Reporter.lu**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,

Henri Kox

Adresse postale :
B.P. 219
L-2012 Luxembourg

Adresse bureaux :
4, Place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

secretariat@msi.etat.lu
Tél. (+352) 247-84659
Fax (+352) 247-94678

www.luxembourg.lu
www.gouvernement.lu

**Réponse de Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure Henri Kox à la question parlementaire n°4385 du 31 mai 2021 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser au sujet de l'article "Pressefreiheit für Anfänger" de Reporter.lu**

D'Pressefraïheet ass en fundamentaalt Recht an eng constitutionnel Garantie zu Lëtzebuerg an deemno een vun den Haaptpilieren vun all Demokratie. . Et wor nie dem Ministère seng Intentioun d'Journalistin ze zenséieren oder verhënneren hier Aarbecht ze maachen. D' Formulatioun *"je vous demande de bien vouloir supprimer l'article"* vun der Ufro fir den Artikel erofzehuelen war ganz onglécklech an wann duerch dëst Virgoen d'Zweifel opkomm sinn am Bezuch op d'Pressefräiheet entschëllege mir eis heifir offiziell.

**<u>Ad questions n°1 - n°4</u>**

Reporter.lu huet den 29.Abrëll 2021 en Artikel mam Titel "Police grand-ducale - Une réforme à l'épreuve de la Constitution" publizéiert. Thematiséiert goufen d'Reform vun der Police an déi dréi Mécanismen déi de Polizisten zur Verfügung stinn fir de groupe de traitement ze wiesselen. Niewent enger Rei faktueller Feeler waren och d'Mecanisme fir e Changement de groupe de traitement am Artikel falsch duergestallt ginn. De Ministère huet am ganzen 12 Passagen identifizéiert déi faktuell net gestëmmt hunn. Dës 12 Passagen hunn dem Artikel en fehlerhaften an ierféirenden Charakter ginn. Den Artikel huet beispillsweis uginn et wären schonn Uerteeler komm am Kader vun den Recours'en bezüglech der Demande vun engem automateschen Reklassement an den groupe de Traitement B1. Dëst entsprécht net der Wourecht. Dësweideren huet den Artikel den Uschéin ginn dass d'Beamten vun der Generalinspektioun vun der Police automatesch an den groupe de Traitement B1 koumen, dëst entsprécht och net der Wourecht.

D'Pressespriecherin vum Ministère huet doropshin d'Initiative geholl d'Journalistin vum Artikel per E-Mail ze kontaktéieren fir se op déi 12 concernéiert Passagen hinzeweisen. Zum Schluss vun der E-Mail huet d'Pressespriecherin vum Ministère virgeschloen den Artikel vum Site erofzehuelen mat folgender Formulatioun *"Au vu de ces éléments, je vous demande de bien vouloir supprimer l'article de votre site"*. Dës Optioun war au Vu vun der Envergure vun den fehlerhaften Passagen, déi die der Pressespriecherin am mannsten komplex virkomm ass, notamment och well en droit de réponse op 1000 Charakteren limitéiert ass, wat et net erlaabt hätt all néideg Punkten ze redresséieren.

D'Journalistin huet dorops hinn d'Pressespriecherin accuséiert géint d'Fräiheet vun der Presse ze verstoussen an d'Presse ze verhënneren hier Aarbecht ze maachen. D'Pressespriecherin huet der Journalistin assuréiert dass deem net esou wir andeems si hier d'Ursaach vun hierer Démarche nach emol erklläert huet. Si hued der Journalistin och virgeschloen en Dementi ze publizéieren mat all den Elementer déi hir per E-Mail geschéckt ginn waren. D'Pressespriecherin huet duerno d'Journalistin ugeruff fir sech fir de Mëssel ze entschëllegen, fir d'Situatioun ze berouegen an eng gemeinsam Leisung ze fannen.

Eisem Emfannen no ass dëst Gespréich positiv verlaf. D'Journalistin huet virgeschloen, dass den Ministère op den Wee vun engem droit de réponse sollt goen, wat der Démarche en offiziellen Charakter géif ginn, se huet och betount dass Reporter.lu keen Dementi géif maachen.

En éischten droit de réponse ass den 5. Mee un Reporter.lu adresséiert ginn. De Chefredakter huet d'Pressespriecherin no der Rezeptioun vum Bréif kontaktéiert. Dësen huet erkläert dass Reporter.lu den Bréif vum Ministère net géif publizéieren, ënner anerem, well den Contenu vill méi laang wier wéi déi

gesetzlech limitéiert 1000 Charakteren an well hier Lecteuren déi annotéiert Passagen net verstoen géifen. D'Pressespriecherin huet doropshin nach emol nogefrot op en Démenti méiglech wier. Laut dem Chefredakter wären awer déi eenzeg Optiounen fir si en Suivisartikel oder e néien droit de réponse.

No interner Diskussioun ass décidéiert ginn e néien droit de réponse unzefroen. Fir der Limit vun 1000 Charakteren kenne gerecht ze ginn, huet de Ministère sech op 5 vun denen 12 Fakten limitéiert. D'Pressespriecherin huet dem Chefredakteur d'Décisioun telefonesch matgedeelt, an den zweeten droit de réponse ass den 21. Mee verschéckt ginn. Dësen gouf den 27. Mee um Site vun Reporter.lu publizéiert. Den 31. Mee ass den Artikel "Pressefreiheit für Anfänger", vum Chefredakter geschriwwen, op Reporter.lu verëffentlecht ginn.

Dozou kann een nach Erwänen dass och e Vertrieder vun enger Police Gewerkschaft wéinst dem initialen Artikel bei der Journalistin intervéinert ass. Dat Opgrond vun enger Verwiesselung am Text an wéinst engem Satz bezüglech dem Minister deen net richteg war. Déi concernéiert Passagen sinn an der Zweschenzäit verbessert ginn.

D'Formulatioun vun der Ufro vum Retrait vum Artikel ass ouni Zweifel éischter eng Ongeschécklechkeet, als eng Intentioun ze zenséieren. Wéi gesot, d'Pressefräiheet ass en Engagement an eng Prioritéit fir den Ministère fir bannenzeg Sécherheet. Mir probéieren op all Ufro ze äntwerten an ëmmer esou gutt wéi méiglech am oppenen, nëtzlechen an konstruktiven Dialog a mat Respekt mat de Journalisten z'échangéiren.